



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 22 avril 2021

Réf. : 837xec446

Concerne: Question parlementaire n° 3805 du 9 mars 2021 de Monsieur le Député André Bauler et de Madame la Députée Carole Hartmann

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 3805 du 9 mars 2021 de Monsieur le Député André Bauler et de Madame la Députée Carole Hartmann concernant le "Centre de vaccination à Ettelbruck".

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Anne CALTEUX
Premier Conseiller de Gouvernement



Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3805 du 9 mars 2021 de Monsieur le Député André Bauler et de Madame la Députée Carole Hartmann concernant le "Centre de vaccination à Ettelbruck".

Zu Lëtzebuerg hunn d'Leit, déi eng Invitatioun fir d'Impfung kréien, de fräie Choix vun hirem Impfzenter. Déi meescht Leit wielen dann och den Zenter, deen am nächste bei hirem Wunnuert läit. Verschidde Leit hunn awer och eng Präferenz fir een aneren Zenter, an dat aus verschiddene Grënn (z.B. no bei der Aarbechtsplaz oder eng besser Ubannung un den ëffentlechen Transport ...). Dëst mécht de Planning vun de méigleche Rendez-vousen natierlech e bësse méi komplizéiert, wéi wann een den Impfzenter géif imposéieren.

D'Plages horaires, déi disponibel sinn, sinn awer esou gerechent, dass jiddereen dohi goe kann, wou hien wëll, och wann een heiansdo e puer Deeg waarde muss. Et handelt sech awer ni ëm méi laang Waardezäiten. An deem Sënn schéngt de Fall, deen den honorabelen Deputéierten erwäant, éischter een Eenzelfall ze sinn, wou en techneschen oder e Kommunikatiounsproblem war.

D'Deplacementen an d'Impfzentere kënnen net vun der Gesondheetskeess iwweholl ginn. Fleegebedierfteg Persounen, déi Leeschtunge vun der Fleegeversécherung kréien, kënnen am Fall vun enger "Garde en groupe", an där déi fréier "Course-sortie" mat integréiert ass, op déi zrëckgräifen, fir vun engem Réseau an den Impfzenter gefouert ze ginn. Doriwwer eraus huet d'Regierung mat der COPAS en Accord, dee virgesäit, datt déi Beneficiairen, déi keng "Garde en groupe" hunn, och kënnen vun de Réseauen an den Impfzenter gefouert ginn. Dës Leeschtung gëtt da vum Staat iwweholl. Persounen, déi kënnen op den Adapto-Service zrëckgräifen, kënnen och dësen an Usproch huelen, fir an den Impfzentere gefouert ze ginn.

Doriwwer eraus hu verschidde Gemengen e gratis Transport an den Impfzenter fir Persounen iwwer 65 Joer ugebueden .